



Här Fernand Etgen
President vun der Chamber
Lëtzebuerg, den 19. Februar 2019



Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit bieden ech Iech dës parlamentaresch Fro zu dem Taxiswiesen un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechte a Minister fir bannenzeg Sécherheet an un den Här Finanzminister weider ze leeden.

An der Äntwert op Fro No 209 vum 16. Januar 2019 iwwer d'Evaluation vum der Taxisreform präziséiert Regierung dass vereenzelt Taxichaufferen sech net un Dispositioun vum Gesetz halen an probéieren de Client op den éischten Taxi ze verweisen. Dëst wier net konform zum Gesetz a kann, bei entsprechende Beweiser un de Service des Taxis vum Mobilitéitsministère matgedeelt ginn oder per Plainte bei der Police gemellt ginn.

An dësem Kontext wollt ech den Häre Minister folgend Froe stellen

- Wei vill Plainten sinn bis elo deposéiert ginn an wat war den Objet vun dëse Plainten ?
- Wei vill mol ass bis elo den Service des Taxis vum Mobilitéitsministère kontaktéiert ginn ?
- Wei eng Kompetenzen huet Service des Taxis vum Mobilitéitsministère ?
- Wei vill Kontrollen sinn vun der Police an der Douane um Terrain duerchgefouert ginn ?
- Wei vill Suen sinn duerch déi Kontrollen erakomm ?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Diane Aehm
Députéiert



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 22 MARS 2019



Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
43, boulevard F.D. Roosevelt
L – 2450 Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune à la question parlementaire N°390 du 19 février 2019 de l'honorable députée Madame Diane Adehm, concernant les plaintes dans le cadre de la réforme des taxis, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité et des
Travaux publics

**Äntwert vum Här François BAUSCH, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a Minister
vun der bannenzechter Sécherheet a vum Här Pierre Gramegna, Finanzminister,
op d'parlamentäresch Ufro N° 390 vum 19. Februar 2019
vun der Madame Deputéiert Diane ADEHM**

D'honorabel Deputéiert stellt sech e puer Froen iwert den Impakt vun der Taxisreform.

Den Datesystem vun der Police erlaabt et net déi gefroten Donneeën iwwer den exakte Chiffër vun den Plainten, erauszefilteren.

De *Service des Taxis* vum Mobilitéitsministère ass am Joer 2018 mat 315 Reklamatioune vu Cliente befaasst ginn. Déi meescht dovunner wéinst dem net respektéiere vum kierzeste Wee oder awer wéinst dem Behuelen en général vum Chauffeur.

De *Sévice des Taxis* ass, niewt dem administrative Volet vun de Lizenzen an de Chauffeurskaarten, den nationale Kontakt fir all Fro, Feedback oder Reklamatioun a Saachen Taxi zu Lëtzebuerg. Wa Reklamatioune erakommen déi fundéiert sinn, da ginn dës un d'Commission des Taxis weiderginn, déi dann den Dossier kuckt, déi betrafte Persounen héiert, an dann dem Minister en entsprecheden Avis mécht. 2018 ass dës Kommissioun 14 mol zesumme komm an huet dobäi 55 Dossieren traitéiert. Insgesamt goufen dorops hinn 11 Sanktioune géint Chauffeuren an 17 géint Bedreier ausgeschwat.

Am Detail:

Sanktioune géint Chauffeuren (11)

| | | |
|---|---|---|
| <i>Lescht Verwarnung</i> | : | 2 |
| <i>Deelhuelen un der Formatioun</i> | : | 2 |
| <i>Suspensioun vun der Chauffeurskaart fir 6 Méint</i> | : | 1 |
| <i>Suspensioun vun der Chauffeurskaart fir 3 Méint</i> | : | 3 |
| <i>Suspensioun vun der Chauffeurskaart bis déi legal Obligatioune nees erfëllt sinn</i> | : | 1 |
| <i>Définitive Retrait vun der Chauffeurskaart</i> | : | 2 |

Sanktioune géint Taxibedreier (17)

| | | |
|--|---|---|
| <i>Lescht Verwarnung</i> | : | 2 |
| <i>Suspensioun vun der Lizenz fir 2 Wochen</i> | : | 1 |
| <i>Suspensioun vun der Lizenz fir 3 Wochen</i> | : | 1 |
| <i>Suspensioun vun der Lizenz fir 1 Mount</i> | : | 1 |
| <i>Suspensioun vun der Lizenz fir 6 Méint</i> | : | 5 |
| <i>Suspensioun vun der Lizenz bis déi legal Obligatioune nees erfëllt sinn</i> | : | 3 |
| <i>Définitive Retrait vun der Lizenz</i> | : | 4 |

Douanesverwaltung gesäit an hiren Arbechtspäng déi fir Brigaden opgestallt gin regelméisseg och Kontrollen am Taxiswesen (loi du 5 juillet 2016 portant organisation des services de taxis et modification du Code de la consommation) vir, esou dass quasi wöchentlech Kontrollen iwert d'Land verdeelt an/oder um Findel durchgefouert gin.

Et kann een ervirhiewen dass an 59 Fäll en Avertissement taxé vun 500 Euros ausgestallt gouf wat d'Infraktioun « illegalen Taxis- Service (« effectuer le service des taxis sans être titulaire d'une licence d'exploitation de taxi valable) » betraff huet.

Säit dem Akraafttriede vum Gesetz vum 5ten Juli 2016 iwwert d'Organisatioun vum Taxiswiesen huet d'Police nach keen Avertissement taxé am Zesammenhang mat der Dispositioun vum Gesetz iwwert de fraie Choix vum Client, wéi een Taxi hien aus der File wëll huelen, ausgestallt.

Insgesamt goufe vun der Police grand-ducale a vun de Beamte vun der Douane zanter dem Akraafttriede vum Gesetz 450 Avertissements taxés fir en Total vun 86.369 € ausgestallt.

Am Detail:

- 216x 74€
- 63x 145€
- 97x 250€
- 74x 500€